



Sensibilitëiten, déi hei an der Chamber vertratt sinn.

Et geet drëm, fir eng Rei vun Upassungen ze maachen, wat d'Parteifinanzéierung ugeet, an zwar éischten, fir d'Konklusioun ze zéien aus enger Rei vu rezente Phenomeener, déi sech bei de Wale bemierkbar gemaach hunn. Op där enger Säit zesummegeesate Lëschten, wou also eng Lëscht zwar den Numm vun enger Partei dréit, mee awer an hirer Zesummesetzung och Verrieder vun anere Parteie respektiv Associatiounen huet. Dat ass deen éischte Phenomeen.

Den zweete Phenomeen, dee mer och an där Envergure net kannt hunn, sinn eenzel perséinlech Walcampagnen, déi gefouert sinn an déi net onbedéngt erëmfanne sinn an de Konte vun de jeeeweilege Parteien, wou also eenzel Kandidat fir sech Campagnë maachen. An déi musse sech selbstverständlech deene selwechte Reegele beuge wéi d'Parteie selwer.

Et geet also drëm, fir op där enger Säit méi Transparenz a méi Kloeerheet an eis Texter hei eranzebréngen. Och wëlle mer d'Parteie gläichbehandelen, wat d'Bezuschussung ugeet fir hir Aarbechten op där enger Säit, mee awer och wat de Remboursement vun de Walkampfkäschten ugeet.

Mir proposéieren och, fir eng Adaptatioun ze maache vun deenen Dotatiounen, déi de Parteien zeguttkommen, wa se eng Rei vu Konditiounen erfüllen. Déi sinn zënter dem éischte Gesetz vun 2007 ni ugepasst ginn. An da versiche mer och, eis zousätzlech Mëttel ze ginn, fir d'Donen, déi jo bei eis zu Lëtzebuerg strikt reglementéiert sinn, nach besser an de Grëff ze kréien, an deem Sënn, dass an Zukunft, wann den Text esou duerchgeet, all Kandidat gehalen ass, eng Deklaratioun op seng Eier ofzeginn, dass en d'Done richteg deklaréiert huet. A wann en esou eng Deklaratioun net ofgëtt oder wann en eng falsch Deklaratioun ofgëtt, dann ass e perséinlech pénalement répréhensible fir deen doten Akt.

Mir versichen also, op där enger Säit de Parteien d'Méiglechkeet ze ginn, hir wichteg Missiounen, déi se och duerch eis Verfassung hunn, kënnen ausféieren - duerfir brauche se och staatlech Hëllef - an op där anerer Säit awer och d'erfir ze surgen, dass d'Parteie gläichgestallt sinn a jiddweree sech un déi selwechte Reegele muss halen.

Merci. Ech bieden also, dat un déi zoustänneg Gremie weiderzeginn, fir dass et kann an d'Prozedur goen.

7509 - Proposition de loi

1. portant modification de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

2. portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bodry.

3. 7447 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2018

Da fänke mer u mam Projet de loi 7447 iwwert de Compte général vum Exercice 2018. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet direkt d'Rapporteur, d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

► **Mme Diane Adehm** (CSV), *rapporteuse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 2018 hunn d'Staatskonten ofgeschloss mat engem Defizit vu ronn 425 Milliounen Euro. Am Budget fir d'Joer 2018 war en Defizit virgesi vun 967 Milliounen Euro. D'Resultat ass also ëm ganzer 542 Milliounen Euro besser wéi virgesi fir d'Joer 2018.

Heizou muss een awer nach e puer zousätzlech Erklärungen ofginn. Am Joer 2018 goufen zwee Emprunten opgeholl, eemol 150 Milliounen am Mee an eemol 500 Milliounen am Oktober. An dës 650 Milliounen sinn an de Recettes en capital verbucht ginn. Doniewent goufen awer och dräi Emprunte vun zesumme 700 Milliounen Euro zrëckbezuelt. Dobäi komme fir den Exercice 2018 nach Alimentatiounen vum Fonds des routes a vum Fonds du rail vun am Ganzen 350 Milliounen Euro, soudass d'Dépenses en capital ëm 1 Milliard a 50 Milliounen Euro eropgaange sinn.

Wa mir dës Operatiounen um Niveau vum Budget en capital erausrechnen, hu mir am Compte général nach en Defizit vu 25 Milliounen.

Wéi erkläert sech dann dës „Superperformance“, wéi de Finanzminister sech esou gären ausdréckt? Do gëtt et verschidden Erklärungen.

Engersäits hate mir eng favorabel Konjunktur am Joer 2018. De PIB ass ëm 2,6 % gewuess. Dat ass awer manner séier wéi déi 3,7 %, déi de Statec ugekënnegt hat. D'Inflatioun, déi louch bei 1,5 %. An de Chômage louch bei 5,5 % am Joer 2018.

Anerersäits huet déi automatesch elektronesch Besteuerung vun de Betriber mat sech bruecht, dass d'Kierperschaftssteier an d'Vermögenssteuer vill méi zäitno agedriwwen gi si wéi an der Vergaangenheet. Zousätzlech goufen d'Réckstänn, déi an der Besteuerung vun de Betriber nach ausstoungen, agedriwwen. Doduerjer waren déi courant Einnamen vum Staat am Joer 2018 ëm eng 1 Milliard méi héich, wéi am Budget 2018 virgesinn.

Här President, de Gesetzesprojet betreffend d'Staatskonte vun 2018 gouf den 28. Juni 2019 an der Chamber hannerluecht. Et war och eng Annex dobäi iwwert d'Entwécklung vun den Einnamen an den Ausgabe vun de Spezialfongen, genausou wéi d'Situatioun vun de Services de l'État à gestion séparée.

Des Weidere begréisst d'Budgetskontrollkommissioun ausdrécklech, dass de Finanzminister enger vun hire Fuerderungen aus der Vergaangenheet Rechnung gedroen huet an en Tableau gemaach huet mat den Autorisatiounen aus de leschte Staatsbudgeten, fir Emprunten opzehuelen.

Ausserdeem ginn och déi verschidden Emprunte mat den Detailer wéi Lafzäit, Taux d'intérêt an esou weider opgefouert. Dat mécht d'Kontroll vun den Emprunten, déi de Staat zitt, vill méi einfach.

De Lëtzebuerger Rechnungshaff huet säin Avis den 18. November 2019 an der Budgetskontrollkommissioun virgestallt. Eng laangjäreg Recommendation vun der Budgetskontrollkommissioun betrëfft de Budget pour ordre, also d'Gelder, déi de Staat anzitt, fir se weiderzeleeden. An der Vergaangenheet hunn d'Cour des comptes an d'Budgetskontrollkommissioun ëmmer erëm verlaangt, dass en Equilibre zwëschen den Einnamen an den Ausgaben am Budget pour ordre hiergestallt misst ginn.

De 27. Mäerz 2018 hat d'Budgetskontrollkommissioun eng Reunión mat de Verrieder vum Finanzministère. Während dëser Reunión gouf d'Budgetskontrollkommissioun informéiert, dass am Kader vum Rapprochement vun der Staatskontabilität op der Basis vum Kontabilitätsgesetz vun 1999 an der europäescher Method SEC 2010 och Ännerungen um Niveau vum Budget pour ordre kommen. Dës Ännerunge brénge mat sech, dass den Deséquilibre tëscht den Einnamen an den Ausgaben a Zukunft vill méi kleng wäert sinn. An dëst wäert ab dem Budgetexercice 2019 de Fall sinn.

Aus deem Grond léisst d'Budgetskontrollkommissioun hir Recommendation betreffend dem Budget pour ordre an Zukunft falen.

Här President, d'lescht Joer huet d'Budgetskontrollkommissioun genausou wéi de Lëtzebuerger Rechnungshaff e finanziell Bilan gefrot vun der Steuerreform, déi 2017 a Kraaft getrueden ass. Mir musse leider feststellen, dass dëse Bilan net gemaach gouf. Mee mir verstinn awer och, dass esou e Bilan net einfach ze maachen ass, well d'indirekt finanziell Auswierkung vum der Steuerreform schweier ze moosse sinn.

An hirem Rapport iwwert d'Staatskonten 2018 vum 30. Dezember 2019 huet d'Cour des comptes och eng Analys vun den Transfers de crédit gemaach, an dëst op Basis vum Kontabilitätsgesetz vun 1999. Si huet festgestallt, dass nach ëmmer verschidden Transferten net genuch motivéiert sinn an dass bei engem Ministère d'Transfers de crédit systematesch vu Beamten ënnerschriften goufen, an net vum zoustännegen Minister, wéi d'Gesetz dat virschreift.

De Rechnungshaff huet och festgestallt, dass d'Avoire vun de Spezialfongen ëm 29 Milliounen Euro geklomme sinn, fir Enn 2018 bei 1 Milliard an 968 Milliounen ze leien.

Des Weideren hält de Rechnungshaff u senger Recommendation fest, dës Presentatioun vun de Spezialfonge misst verbessert ginn, haaptsächlech wat d'Opdeeel vu verschiddenen Ausgaben ugeet.

Här President, komme mer elo zur Presentatioun vum Budget no der europäescher Method, der sougenannter SEC-2010-Presentatioun!

A sengem Avis vum 8. Oktober 2019 freet de Staatsrot nach eng Kéier, dass d'Presentatioun vun de Staatskonten op der Basis vum Kontabilitätsgesetz vun 1999 un déi europäesch Method SEC 2010 ugepasst soll ginn. D'Budgetskontrollkommissioun schléisst sech dëser Demande un.

Fir komplett ze sinn, wëll ech awer drop hiweisen, dass de Minister de 27. Mäerz 2018 an

enger gemeinsamer Sitzung vun der Finanzkommissioun an der Budgetskontrollkommissioun den Deputéierte verschide Mesurë virgestallt huet, fir déi zwou Presentatiounen vun de Konte méi no beieene ze bréngen. Dës Mesurë sollen och ab dem Budgetjoer 2019 ëmgesat ginn. Als Budgetskontrollkommissioun wäerte mir d'Staatskonte vum Exercice 2019 dann och an deem Sënn kucken.

An deem Zesammenhang wëllt ech och nach eng Kéier op méi eng al Recommendation vun eiser Commissioun zrëckkommen. Et sollt an der Vergaangenheet emol eng nei Budgetstruktur zu Lëtzebuerg agefouert ginn. Den Deputéierte Roger Negri hat als Budgetsrapporteur dat franséisch Gesetz vum 1. August 2001, déi sougenannte Loi organique relative aux lois de finances, och bekannt als LOLF, als Beispill geholl. Och de Budgetsrapporteur Yves Cruchten hat op dem Roger Negri säin deemolege Budgetsrapport verwisen.

(Interruption)

Jo, de Roger ass net méi ënner eis, mee mir schwätzen awer nach vun him.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- O!

► **Plusieurs voix**.- O!

► **Mme Diane Adehm** (CSV), *rapporteuse*.- Also net méi heibannen, wuelverstanen!

(Hilarité)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Also, Madamm Adehm, en ass awer nach zu Mamer, hein!

► **Mme Diane Adehm** (CSV), *rapporteuse*.- Jo, jo, jo.

(Brouhaha)

Zënter enger Reunión vum 14. September 2014 huet d'Budgetskontrollkommissioun awer näischt méi zu deem Punkt vun der Regierung héieren. Duerfir wiere mir frou, wa mir endlech eng Äntwert vun der Regierung kréien, ob d'LOLF eng Optioun fir déi nei Budgetstruktur zu Lëtzebuerg kéint sinn oder net.

Här President, fir weider Detailer iwwert de Gesetzesprojet vun de Staatskonten 2018 verweisen ech op mäi schrëftlech Rapport.

Ofschléissend soen ech Merci fir d'Nolauschten a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Adehm. Als éischte Riedner ass den honorablen Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Ech wollt der Madamm Adehm villmools Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport zu de Staatskonten 2018. Si leescht vill Aarbecht an der Comexbu. An dofir wollt ech hir extra felicitéieren. Dat soll een och emol an dës besënnechen Deeg viru Chrëschttag ënnersträichen.

► **Plusieurs voix**.- O!

► **M. André Bauler** (DP).- Dach ass et awer gutt, wa mer d'Madamm Adehm an hirer Aarbecht net eleng loossen a si och begleeden. An dofir soen ech och meng Kolleegen aus der Comexbu Merci fir hirt Matschaffen, hirt opmierksamt Matschaffen. An och freeën ech mech, datt d'Comexbu et an hire Recommendationen an och Konklusione begréisst, datt den Här Finanzminister bereet ass, beim alljärelechen Depot vum Staatsbudget d'Entwécklung vun de Staatsemprunten, de klassischen Emprunts obligataires, d'Entwécklung vun der Staatsschuld, den Zësen, déi ze bezuele sinn, an d'Entwécklung vun den Emprunten, déi autoriséiert sinn, ze retracéieren. Et ass och gutt, wa mer all sechs Méint iwwert d'Entwécklung vun der Staatsschuld an der Cofibu ënnerriicht ginn. Dat huet d'Comexbu eng Kéier verlaangt. An dat ass och kee Problem fir dës Finanzminister, deen eis jo och reegelméisseg, also am trimestriellen Takt, iwwert d'Entwécklung vun der budgetärer Situatioun informéiert.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun, soe Merci fir Är Opmierksamkeet a wënschen lech elo scho schéi Feierdeeg.

► **Plusieurs voix**.- O!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bauler. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit Merci der Rapportrice, zemoos well se am Tounfall an der Aschtzung vun der Lag dës Kéier vill méi rasonabel war a méi zen war, ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Richteg!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ... wéi dat emol kuerz virun de Walen de Fall war, hei bei enger änlecher Operatioun.

(Interruption par M. Georges Engel)

D'Zäite changéieren heiansdo.

Dat gesot, mengen ech, dass een awer hei sollt ervirhiewen, dass mer et hei bei de Konte vun 2018 mat enger ganz favorabler Entwécklung ze dinn hunn, wat d'Staatsfinanzen ugeet, d'ëffentlech Finanzen insgesamt ugeet, well mer zënter Laangem awer an der Situatioun sinn - quitte dass exzeptionell Elementer hei matgespillt hunn -, dass den Zentralstaat an engem Quasiequilibre ass, wat d'Konten vun 2018 ugeet, mat engem minimalen Defizit vu 25 Milliounen Euro, wann een d'Emprunten erausrechnet, no der SEC-2010-Method ausgerechnet. A gradesou fënnt een eigentlech e positivent Bild bei den ëffentlechen Finanzen insgesamt, well och gesamtstaatlech si mer an engem Iwwerschoss vun den Einnamen vun 1,4 Milliarden. Och dat ass eng ganz exzeptionell Situatioun, déi mer an deem Joer 2018 erëmfannen.

Dat obwuel, dat ass a priori e Paradox, obwuel déi wirtschaftlech Daten 2018 sech méi negativ entwéckelt hunn, wéi d'Prognose waren, wéi mer d'Opstellung hate vum Budget 2018. Dat bestäetegt eigentlech déi Feststellung, déi mer déi lescht Jore gemaach hunn, dass ëmmer méi staark eng Laskoppelung kéint vum wirtschaftlechen Wuesstum an den Einnamen vun de Steieren, dass do net méi déi Korrelatioun, déi soss bal perfekt war, mat enger liichter järelecher Verschubung, erëmfannen ass an deem selwechte Mooss.

Wa mer an den Detail ginn, stelle mer fest, dass par rapport zu dem Budget 2018 d'Einnamen sech ëm bal 8 % no uewe beweegt hunn, haaptsächlech duerch eng exzeptionell Progressioun vun der Kierperschaftssteier, mee och déi aner Steieren hu sech positiv entwéckelt, an doniewent awer, géif ech soen, eng dach zolidd Disziplin bei den Ausgaben, well d'Ausgabe sech nëmme ëm gutt 1 % no uewe beweegt hunn. An dat erkläert, firwat dass mer dann, ënnert dem Stréch, praktesch 950 Milliounen Verbesserung vun der Equilibersituatioun hu par rapport zu deem, wéi mer de Budget hei 2018 gestëmmt hunn.

Ech mengen, dat alles ass u sech positiv. Et schéngt och, wéi wa sech 2019 en änlecht Bild géif weisen, wann een déi lescht Zuele kuckt, déi der Chamber vun der Regierung matgedeelt si ginn. Do wäerte mer jo an e puer Méint da méi wëssen, och op deem dote Punkt.

Wichtig schéngt mer och ze sinn, dass nieft der reegelméiseger Entwécklung vun den Einnamen an den Ausgaben, déi d'Chamber kritt an deenen trimestriellen Sitzungen, déi mer hunn - Comexbu a Finanzkommissioun - mam Finanzminister, dass zum selwechte Moment oder dann, wann déi néideg Date virleien, mer och d'Informatiounen géife kréien iwwert de Stand vun de Scholden, mee awer och iwwert de Stand vun der Tresorerie. Ech mengen, déi dräi Elementer gehéieren zesummen, wann ee sech als Chamber e Bild wëllt maachen iwwert déi momentan Situatioun vun de Staatsfinanzen.

Ech wëll e leschte Punkt nach eng Kéier rappeléieren. Dat riskéiert ëmmer, verluer ze goen. Ech mengen, mir misste per Gesetz d'Fro reegele vun den Empruntsautorisationen. Et ass juristesche net gekläert. All Joers, bei all Budget, et ass och elo beim Budget 2020 de Fall, freet d'Regierung d'Autorisation vun der Chamber, fir kënnen Emprunten, dës Kéier an Héicht, mengen ech, vun enger Milliard, ze zéien. D'Regierung huet awer nach al Autorisationen, fir Emprunten ze zéien. An et ass ni kloer gewiescht, wéi dat ze interpretéieren ass.

Kann eng Regierung nach op al Autorisationen, déi se duerch al Budgetgesetzter kritt huet, zrëckgräifen? Oder gëllt eigentlech nëmme déi Autorisation, déi d'Chamber gëtt fir dat bestëmmt Joer, wou d'Regierung dann derunner Gebrauch mécht?

Ech mengen, mir waren eis an der Kommissioun eens, dass eis Interpretatioun ass, dass een net op al Autorisationen kann zrëckgräifen, dass déi gëllt, déi ee freet. Ech mengen, dat misst een awer kloerstellen, fir dass dat u sech ee fir alle Mol esou oder esou ass. Well et ass, mengen ech, net gutt, dass u sech eigentlech d'Regierung nach fir - bon! - e puer Milliarden, mengen ech, Autorisationen opstoen huet aus der Vergaangenheet, a si freet allkéiers nach eng nei mat derbäi. Dat mécht am Fong kee Sënn, deemno wéi d'Interpretatioun ass.

Also ech soen dat einfach, mengen ech: Et muss een dat rechtlech kloerstellen, dass ee weess, wéi et ass. An da kënnen jo jeeeweileg



d'Regierung an d'Chamber sech dann op déi Situatioun astellen.

Merci.

Dat gesot, wäert selbstverständlech d'LSAP-Fraktioun dës Konten och stëmmen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Bodry. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (*déi gréng*)**.- Merci, Här Chamberspräsident. E grouss Merci och un d'Madamm Rapportrice, net nëmme fir den exzellente Rapport, mee och déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun. Ech hunn elo d'Éier, no engem Joer an der Comexbu, e bëssen Asicht dran ze hunn. Et ass eng ganz interessant Matière an och eng ganz wichteg Aarbecht, déi mer hei maachen. Ech si ganz frou, fir heimadder kënnen den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (*ADR*)**.- Merci, Här President. Och ech wëll vun eiser Säit aus der Kolleejin Diane Adehm Merci soe fir hire Rapport.

Ech wëilt just nach uschlëssen un dat, wat de Kolleg Bodry gesot huet, wat d'Emprunten ubelaangt. Ech mengen, mir mussen eng Kéier eng Reegelung do kréien, wéi den Alex Bodry dat gesot huet, wat fir eng Autorisatioun vun Emprunten zielen.

Mir haten och een Ablack an der Kommissioun rieds, ech mengen, et war souguer mam Minister zesummen, datt et awer gutt ass, wann d'Regierung fir eng Noutfallsituatioun eng Méiglechkeet huet dann, fir séier an onkompliziert Emprunte kënnen opzehuelen. Dat schéngt mer richteg ze sinn. An duerfir misst ee vläicht higoen, datt een eng Kéier seet: „Ma, kommt, mir stëmmen en Emprunt fir esou eng Noutfallsituatioun!“

A fir de Rescht bleiwe mer ëmmer bei deem Emprunt, deen an deem leschte Budget gestëmmt ass. Mee datt een awer enger Regierung déi Méiglechkeet gëtt, fir, wa se eng Kéier misst duerch iergendeng Situatioun - mer haten dat jo schonn eng Kéier an der Vergaangenheet, ech erënneren drun, wéi mer eng Bank hu misse retten -, datt d'Regierung also ëmmer d'Méiglechkeet huet, fir an esou enger Situatioun ouni laang Prozeduren direkt en Emprunt kënnen opzehuelen, selbstverständlech no Récksprouch mat der Chamber, wat jo dann och ëmmer geschitt, mee datt ee sech déi Méiglechkeet géif halen. A fir de Rescht géif ech mengen, misst dann nëmmen deen Emprunt zielen, deen am leschte Budget autoriséiert ass.

Dat gesot: Zoustëmmung vun der ADR.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Gibéryen. Da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Och vu mir e grouss Merci un d'Madamm Rapportrice, déi hei en exzellente Rapport ofginn huet.

Ech wollt mech ganz bewusst dem Alex Bodry senge Fuerderungen hei uschlëssen, datt mer déi néideg Transparenz schafen, datt d'Chamber hir Aarbecht vum Contrôle vun der Exécution budgétaire ka maachen, wat d'Staatsfinanzen awer insgesamt ugeet. Ech mengen, mir kënnen engersäits natierlech eis ëmmer strikt un de Budget halen an och just kucken, wat op deenen eenzele Posten am Budget geschitt ass.

Ech mengen, an den Här Minister huet dat gëschter gesot, datt mer alleguer relativ wéineng iwwert d'gesamt Gesondheet vun de Staatsfinanzen geschwat haten, mee ech mengen, dat läit zu engem Deel dorunner, datt mer eis an der Vergaangenheet relativ strikt och ëmmer um Staatsbudget orientéiert hunn a gekuckt hunn: Wéi geet et deem?

Ech mengen, datt mer eis och eng Kéier iwwert déi Fuerderungen hei kënnen vill méi bewusst ginn, wéi et am grouss Bild ass. Anstatt eis wierklech an Detailer ze verrennen, kéinte mer duerch dës Mesuren dat grouss Bild vill méi einfach gesinn an doduerjer dann och diskutéieren. Ech mengen, dat ass eng Missioun vun dësem héijen Haus an déi sollt mer eis dann och zu eege maachen. An dofir merci nach eng Kéier, Madamm Rapportrice! Merci awer och

Alex Bodry fir déi Fuerderungen, déi mir vollkommen ënnerstëtze kënnen!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances***.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt géif ech gären, wéi dat och vum Deputéierte Bodry gesot ginn ass, ënnersträichen, dass d'Konten vun 2018 jo awer ganz remarkabel sinn. An dofir sinn ech och hei elo op d'Tribün komm, well ech dat wollt ënnersträichen. Et ass fir d'éischt säit 2008, wou mer praktesch en Equilibre hunn an der Administration centrale. An effektiv huet dat sech natierlech och erëmgespigelt an der europäescher Kontabilitéit SEC 2010, wou d'Resultat nach méi kloer ass, well do en Excédent vun 262 Milliounen ass. An ech rappeléieren, dass mer no der Lëtzebuerger Kontabilitéit en Defizit vu 25 Milliounen hunn.

Wéi richteg ënnerstrach ginn ass, ass dat Resultat haaptsächlech, well d'Recette ronn 8 % méi héich erauskomm sinn, wéi dat, wat virgesi war. An dat, wat virgesi war, war och schonn eng gutt Croissance vun de Recetten. An dat Zweet ass, mengen ech, och wichteg, dass een et ënnersträicht, dass mer bei den Depensen nëmmen 1 % méi héich leien, wéi dat, wat virgesi war. Dat ass natierlech e positive Schéiereffekt. An doduerch dat gutt Resultat.

An ech kann och bestätegen, dass 2019 eng änlech Situatioun wäert sinn. Et ass nach ze fréi, fir ze wëssen, ob mer am Equilibre do wäerte leien. Mir wäerten op jidde Fall ganz no derbäi sinn.

Zu de verschiddene Froen, déi gestallt gi sinn, wäert ech der elo eng Rëtsch hei beäntweren. A mäi Kommentar ass Follgenden: Ech hunn nach ëmmer op all Requête vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire geäntwert an ech sinn all Äre Fuerderungen nokomm. An ech mengen och, dass mer an deene leschte Joren ëmmer vill méi geliwwert hunn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall ass. An ech hunn och guer keng Angscht do dervir! Well dat Besch, wat mer kënnen hunn, dat ass Transparenz! A mir hunn näischt ze verstoppen. Absolutt näischt ze verstoppen!

Ech hunn d'Remark vum Här Clement net gutt verstanen, wou e gesot huet: „Mir konzentréieren eis ze vill op den Detail.“ Mir konzentréieren eis an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire all Trimester ganz kloer op d'Solden. A wéi gesot: Wa méi Detailer gefrot ginn, da gi mer déi.

An ech wëilt dofir e bëssen op déi wichteg Fro agoen, well e puer Deputéiert dat gesot hunn, vun der Emissioun vun Emprunten. Ech hu mer dat gutt ugekuckt. Mir hunn och eng Nott gemaach, déi mer lech geschéckt hunn déi lescht Deeg, wou mer e Résumé maachen, wou ech d'Argumentatioun net erëmgéi hunn, ech hunn einfach faktuell geschriwwen, wat ass.

Ech géif gär dräi Saachen dozou soen, ech mengen, déi wichteg sinn an déi ee muss am Kapp behalen.

Dat Éischt ass: Ech weess net, ob dat an der Vergaangenheet d'selwecht gemaach ginn ass, mee ech mengen schonn, wann ech mech erënneren, wat den Här Waringo mer gesot huet, wéi ech ugefaangen hunn. Hie war jo 30 Joer laang de Chef op der IGF. Eng Saach mécht d'Regierung systematesch, dat heescht elo säit Jorzéngten. Dat ass, dass, wann en Defizit virgesinn ass an der Administration centrale, wéi mir der jo elo all Joers virgesinn haten, da freet een de toute façon en Emprunt, deen dat plus ou moins ofdeckt, an no uewen opgeronn. Vu dass mer elo all déi Jore 700, 800 Milliounen Defizit virgesinn haten, hu mer natierlech 1 Milliard Emprunt virgesinn.

Dat schéngt mer eng gutt Saach ze sinn, well, wann een dat net géif maachen, kéint ee jo froen: „Majo, wéi finanziéiert Der dat?“

Ech weess, dass mer d'Annualitéit du budget hunn. Mee, ob een elo wierklech soll soen, dass deen Emprunt, deen een do freet, deen doten, fir deen Defizit ze decken, dass deen automatesch dann ausleeft, wann een en net gebraucht huet, ass eng Fro, déi ee ka stellen.

Dat Zweet ass, dass mer och eng Autorisatioun musse froen, wann een en Emprunt refinanziéiert. An elo ginn ech lech d'Beispill vum nächste Joer: 2020 refinanziéiere mer en Emprunt vun 2 Milliarden am Mee. Ech hunn awer elo am Gesetz fir 2020, dat, iwwer wat mer haut stëmmen, e geréngen Emprunt virgesi vun 1 Milliard.

Wa mer d'Reegelen änneren, da muss ech ee froen vun 1 Milliard plus 2 Milliarde fir de Refinancement vun deem vum nächste Joer. Da muss een erklären. Dat ass alles machbar. A

firwat hunn ech deen net brauchen ze froen? Well mer accumuléiert Autorisatiounen haten. An Dir hutt d'Zifferen elo kritt. Esou héich sinn déi net. Ech hunn d'Notte vun den accumuléierten elo net ënnert den Aen. Ma do ginn elo, d'nächst Joer, 2 Milliarden dovunner fort.

An da kann ee soen - an ech komme ganz op d'Argument vum Här Gibéryen, wat ech ganz richteg fannen -: Et kann heiansdo urgent sinn, Urgenz, wéi mer eng kannt hu bei der Bankkris, fir séier en Emprunt kënnen ze maachen. An da kënt eppes derbäi, wat mer dëst Joer gemaach hunn, wou mer, well de Marché gutt war, de Remboursement vum Emprunt vum nächste Joer sechs Méint virgezunn hunn.

Wann een déi Flexibilitéit do net méi huet, da kann een dat guer net méi maachen.

An dofir mengen ech, dass ee sech wierklech gutt soll iwwerleeën, wéi een dat reegelt. Mir sollen et clarifiéieren. An ech si ganz gär bereet, dat an der Commission des Finances ze maachen. Mee à tout le moins misst een e Puffer hu vun e puer Milliarden, dat wär d'Iddi vum Här Gibéryen, à tout le moins soll een dat hunn, dass een awer méi fréi ka rembourséieren, dass een am Fall vun enger Kris séier Geld ka mobiliséieren.

An da géif ech proposéieren, dass mer eng Kéier dorop zrëckkommen op Basis vun där Nott, déi mer gemaach hunn.

D'Kommissioun hat mech gefrot, fir dass mer sollen, a mir maachen dat ganz gären, elo all sechs Méint eng Situatioun vun der Dette, vun de Remboursementen, vun de Liquiditéite virbréngen. Dat wäerte mer ganz gär maachen.

An ech mengen, mir sollen eis alleguer, ech kommen op deen anere Sujet zrëck, wierklech gutt iwwerleeën, wat am beschten Interêt vum Land ass.

Zur LOLF wollt ech lech soen, dass déi a mengem Kapp an an eisem Ministère net méi à l'ordre du jour ass. Dofir kënnen mer eis déi Suerg spueren. A firwat ass dat esou? Mir haten eis dat ugekuckt 2013/2014. A mir hu gekuckt, wéi verschidde Länner, déi dat agefouert hunn, zefridde si mam System. A mir musse leider feststellen - leider? -, mir stelle fest, dass déi Länner, déi dat agefouert hunn, dofir net esou vill méi Effikasitéit kritt hunn. Ee Land, wou dat agefouert ginn ass, ass Frankräich, an et ass dat Land, wat déi lescht Joren am meeschte Problemer hat, fir d'Reegele vum Pacte de stabilité et de croissance anzehalen. Et ass jo och keng Iwwerraschung. D'Reegele selwer maachen et net onbedéngt méi einfach.

An ech mengen, mir sinn elo e bëssen en anere Wee gaangen - ech halen dann och direkt hei op -, andeem mer d'lescht Joer jo Propositionen gemaach hunn, déi d'Kommissioun jo och ganz positiv empfaangen huet, fir e Rapportement zwëschen dem Gesetz 1999 ze maachen an dem Gesetz ..., enfin de Reegele SEC vun Europa 2010. An an déi Richtung wäerte mer weider schaffen. Wa mer elo och nach géifen eng LOLF drop setzen, independent vum deem, wat ech elo gesot hunn, géife mer eis d'Liewen nach eng Kéier méi komplizéiert maachen.

Voilà! Ech mengen, dat sinn déi Haaptremarken, déi ech dozou wollt maachen. An ech wollt der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7447. Den Text steet am Dokument parlementaire 7447³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7447 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet 7447 ass eestëmmeg, mat 60 Joestëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :

1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;

3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;

5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;

9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 ;

11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;

13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (suite)

7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023 (suite)

Amendements

Ier mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7500 kommen, stëmme mer fir d'éischt of iwwert déi verschidden Amendementer.

Amendement 1

Fir d'éischt den Amendement Nummer 1 vun der CSV-Fraktioun, deen als Objet huet, am Artikel 3 en neie Paragraf 2 derbäizesetzen.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmme fänkt un. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dësen Amendement 1 ass mat 27 Joestëmme géint 31 Nee-Stëmmen a bei 2 Abstentiounen ofgeleent.